# Badminton Club Weiler 2000

No deene laange Méint, wou wéinst der Corona-Pandemie villes an d'Waasser gefall ass, hoffe mir am August nees kënnen an eng „normal" Saison ze goen. Fir dass Badminton an eiser Gemeng och weiderhin eng flott an attraktiv Sportaart fir eis Membere bleift, wëlle mir fir déi nei Saison e weideren Training mat eisem Spillertrainer Edwin Ekiring ubidden (Freides, 19:00 – 21:00), an zu gläicher Zäit soll op 2 Terrain'en och Badminton-Loisirs kënne gespillt ginn, wou net lizenzéiert Spiller des flott Sportaart kenne kenneléieren an aktiv spillen.

Aktuell hu mir 52 Memberen, dovu si 27 Kanner/Jugendlecher. Natierlech hoffe mir, dass eis Spiller gutt Resultater maachen, virun allem ass awer de sozialen Aspekt vum Veräin wichteg. Eng gutt Stëmmung, déi eng oder aner Organisatioun nieft dem Terrain, eis Feier fir den 20. Gebuertsdag (déi 2020 leider ausgefall ass), Ausflich mat de Kanner, dat sinn Themen, déi sollen am Virdergrond stoen. Dem Club seng Philosophie besteet doran, prioritär op eis Jugend an op Interessenten aus der Gemeng oder Ëmgéigend ze setzen. De Sport an d'Freed, beim BCW ze spillen, sollen un 1. Plaz stoen.

Ëmmerhin hu mir et gepackt, mat 5 Spiller an déi 1. Divisioun ze kommen, déi hir 1. Lizenz zu Weiler gemaach hunn: Kathlyn Bento, Marlene Cacao Bernardes, Lou Meylender, Michel Sadler a Jo Ast.

Desweideren hu mir et gepackt mat eise Superminimes zweemol Lëtzebuerger Ekippenmeeschter ze ginn. Eis Jugendspiller si bei allen Grand Prix'en a grousser Unzuel vertrueden an erzielen och do reegelméisseg villverspriechend Resultater.

Well déi leschte Saison annuléiert gouf, spillt eis 1. Ekipp weider an der 1. Divisioun (zweethéchsten Niveau), d'Reserven trieden an der 4. Divisioun un. D'Kannerekippe gi eréischt am September ugemellt. D'Unzuel vun Ekippen hänkt e.a. dovun of, wéi vill Kanner am Hierscht nach bäikommen.

***Trainingszäiten (ab Enn August)***

Jeunes débutants/Licenciés jusqu'à 11 ans:
Lundi & Mercredi, de *17:00 à 18:30*

Jeunes Avancés/Licenciés jusqu'à 15 ans:
Lundi & Mercredi, de *18:30 à 20:00*

Seniors (à p. de 16 ans) & Seniors Loisirs:
Mercredi, de *20:00 à 22:00*
Vendredi, de *19:00 à 21:00*



Fir Froe betreffend den Training sti mir Iech gären zur Verfügung:

1. *secretariat@bcweiler2000.lu*
2. *Trainer: Edwin Ekiring (e.ekiring@gmail.com ou 0031 613 010668)*
3. *Sekretär: Ronny Sadler (rsadler@pt.lu ou 621 271 384)*

***Komitee:***
*Präsident: Bernard Fontanaud*
*Vize-präsident: Marc Ehlinger*
*Trésorier: Muriel Fixemer*
*Sekretär: Ronny Sadler*
*Memberen: Cidalia Bento, Miguel Faustino, Tom Majeres*

Eisen Internetsite: www.BCWEILER2000.LU

*Sidd Dir interesséiert eise Club ze ënnerstëtzen an Éieremember ze ginn? Mat engem Don vu Minimum 10 EUR kënnt Dir eise Club gären ënnerstëtzen (Kont (BCEE):*
**IBAN LU09 0019 1300 5587 0000** *mam Vermierk:*
**"Don 2020 / Numm a Virnumm"***).* **Villmools Merci** *fir äre léiwe Geste.*

## Portrait vun eisem Spillertainer



Den Edwin Ekiring ass am Dezember 1986 zu Kampala an Uganda op d'Welt komm. Nodeems seng Eltere gescheet goufen, huet hie bei senger Mamm gelieft. Si ass leider duerch en Verkéier-saccident gestuerwen, dee klenge Jong gouf vu senger Bom an Amerika groussgezunn. Do huet den Edwin Badminton geléiert a war geschwënn am ugandeschen Nationalkader. Virun den olympesche Spiller 2004 zu Athen war hien als 17-Järege mat Uganda op engem Stage um Olympiastützpunkt zu Saarbrécken. No Kontakter mat hollännesche Spiller gouf den Edwin vum Bertram a Yvonne Van Zaalen adoptéiert a lieft zesumme mat 4 Geschwëster zu 's-Hertogenbosch.
2007/2008 kuerz beim Badminton Kayldall, ass den Edwin awer schnell en Toppspiller an Holland ginn. Iwwer Velo-Wateringen koum hie bei de 7-molege Meeschter, BC Amersfoort, wou hien 2008 d'Coupe gewonnen huet. 2012 goung et fir eng Saison op Solingen an déi 2. Bundesliga, duerno zeréck op Amersfoort. International huet de Spiller, deen sech selwer als positiven, gedëllegen a frëndlechen Aarbechter bezeechent, bis op Plaz 75 an der Welt gepackt. Hien war vun 2013 – 2016 d'Nummer 1 um afrikanesche Kontinent, huet 2 Olympiade gespillt (Beijing a London) an etlech Medaile bei internationalen Turnéier gesammelt.
Parallel zu senger Proficarrière huet hie Physiotherapie zu Eindhoven studéiert. Vun 2013 un huet den Edwin als Trainer bei verschidde Clibb an Holland geschafft. Donieft ënnerstëtzt hien nach en Badmintonprojet fir Kanner an Uganda.

Wéi 2016/2017 d'Yulia Yacobson beruffsbedéngt bei eis huet mussen ophalen, ware mir op der Sich no engem neien Trainer a sinn éischter zoufälleg op den Edwin gefall. De Kommitee huet entscheet, déi fir en klengen Duerfveräin deemools sécherlech net „normal" Aktioun ze probéieren. Bis haut hu mir et net bereit, an zesumme mat eisem Sponsorenpool kënne mir gären nach vill Joren esou weidermaachen.



Remise uniforme adultes 2020



Remise uniforme jeunes 2020



Réception Superminimes



Meefeier



Équipe 2005